ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fred Keup

Lëtzebuerg, de 15. Juni 2022

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- datt den Audit a Saache Superdréckskëscht, dee vun där demissionärer Ëmweltministesch an d'Weeër geleet gi war, net all Uschëllegungen a net all Verdacht op Onreegelméissegkeeten beäntwert huet;

ënnersträicht, datt

- d'Regierung, a speziell den Emweltministère, am Interessi vun hirer Glaafwierdegkeet all Interêt hätten fir esou séier ewéi méiglech Kloerheet an den Dossier Superdréckskëscht ze bréngen;

fuerdert d'Regierung op

- eng onofhängeg Audit-Firma ze mandatéiere fir folgend Punkten am Dossier Superdréckskëscht genee ze analyséieren:
    - Finanzen, finanziell Verflechtungen, Strukturen a Bedeelegungen an hir Implicatiounen
    - Personalpolitik an d'Virwërf vu Nepotismus
    - Respekt vum Ausschreiwungsgesetz; Konkurrenz zu private Beroder-Firmen an Déngschtleeschter duerch e staatlech finanzéierte Betrib;
    - Redundanz vun der Superdreckskëscht-Offer mat de Recycling-Zenteren an aneren Offeren an deem Secteur um fräie Maart.
- ze garantéieren, datt dës Audit-Firma esouwuel vun de Proprietären an der Direktioun vun der Superdreckskëscht wéi och vum Ëmweltministere de vollen Zougang zu allen Informatioune kritt, déi si fir hir Aarbecht freet.